N°259
Entrée le 08.03.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Äntwert vun der Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten op d'parlamentaresch Fro n° 259 vum 1. Februar 2024 vum Här Deputéierten Marc Goergen.**

*Fro 1: Wéi vill Accidenter goufen et op der Route de Longwy an de vergaangenen 5 Joren ? Wéi vill Accidenter sinn op der Porte de Lamadelaine passéiert ?*

Aus den Donnéeën déi menge Servicer zur Verfügung stinn, erginn sech follgend Statistiken:

Op der "Route de Longwy" (N5), tëscht der "Rue de la Liberté" (CR175B) an der Kräizung "Rue Jean-Pierre Kirchen" / "Route de Luxembourg", koum et an de lëschte 5 Joer insgesamt zu 11 Accidenter. Nieft 10 Accidenter mat liicht Blesséierten (5 tëscht zwee Autoen, 1 mat engem Vëlo a 4 mat engem Foussgänger), koum et och zu engem Accident mat engem Foussgänger, de méi schwéier blesséiert gouf.

Op der "Rue du Lycée" (N5), tëscht der Kräizung "Route de Luxembourg" / "Rue Jean-Pierre Kirchen" bis zur Kräizung mat der Nationalstrooss N5D, och "Porte de Lamadelaine" genannt, koum et am gefroten Zäitraum zu 2 Accidenter mat liicht Blesséierten, all Kéier tëscht zwee Autoen.

Dobäi ass ze präziséieren, datt op der "Porte de Lamadelaine" säit 2022 keen Accident ze verzeechnen ass. Op dem am éischte Paragraph beschriwwene Streckenofschnëtt vun der "Route de Longwy" koum et zu 4 Accidenter mat liicht Blesséierten (1 mat engem Foussgänger) an de lëschten 2 Joer.

*Fro 2: Goufen et schonns Entrevuen oder Kontaktopnahmen säitens der Péitenger Gemeng beim Ponts et Chaussées, fir dëse geféierleche Passage méi sécher fir d'Foussgänger ze maachen? Wann jo, wéini waren déi lescht Entrevuen a wat gouf festgehalen ?*

Op dem an der éischter Fro definéierte Ofschnëtt tëscht der "Rue de la Liberté" (CR175B) an der Kräizung "Rue Jean-Pierre Kirchen" / "Route de Luxembourg", ginn et am ganzen 9 Zeebrasträifen.

Dësen Deel vun der "Route de Longwy" (N5) befënnt sech inneruerts, deemno läit d'Reglementatioun vun dëse Zeebrasträifen am Kompetenzberäich vun der Gemeng Péiteng. Well et sech awer em eng Staatsstrooss handelt, sinn eventuell Aarbechten/Ëmännerungen duerch eng sougenannt "Permission de voirie" ze autoriséieren.

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

Mengen Informatiounen no ass d'Gemeng Péiteng am gaange sämtlech Zeebrasträifen unzepassen fir se konform zum Accessibilitéitsgesetz vum 7. Januar 2022, wéi och den deementspriechende Virschrëfte vun der Stroossebauverwaltung ze gestalten. Eng Entrevue tëscht der Stroossebauverwaltung an der Gemeng Péiteng ass an deem Kontext virgesi.

Lëtzebuerg, den 8. Mäerz 2024

D'Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) Yuriko Backes